

De Sënn vum Ousterglawen

Wat as eigentlech de Sënn von dem Ousterglawen, von der Operstehung vo Christus?

Denke mer eis mol d'Operstehung weg - wat bleiwt dann nach? Christus wir een interessante Personnage, dee Wonner gewierkt hat an deen sech sou engagéiert a fir d'Mënschen agesat hat, da schlussendlich on d'Kräiz geschlo gouf. Jhust d'Operstehung as dat höchst, d'Wesen von eisem Glawen. Mer gläwen an engt Weiderliewen, an eng Operstehung nom Dout.

Mer wëssen, datt mer no désem Liewen nüt virun enger entgülteger Katastroph, virun engem Nichts dostin, mä de Glawen an d'Weiderliewen, an d'Operstehung gët eis Kraaft zu èmmer neier Hoffnung, ee moralischen Halt an een ausgeglachenen, ènnere Fridden.

Den Operstehungsgedanken soll sech nüt an eppes Entferntes riichten, wat eréischt nom Dout antrëtt, mä Dag fir Dag gët mer mat der Präsenz von engem liewege Christus konfrontéiert.

De Paul Claudel hat mol eng Kéier an engem Bréif an den André Gide geschriwen: Eis Operstehung leit nüt ganz an der Zukunft, mä si as an eis, si hat an eis agefaangen.

Wéi kann een dat elo konkret op eist Liewen iwerdroen. Mer resuméieren:

CHRISTUS AS LIEWEN, FREED A LÉIFT !

Dat Liewen soll fir eis nüt eppes sön, wat ee geschenkt krött. Et versicht een sech eng Zäit erëmzeschloen an et waart ee bis engem dat Liewen erëm geholl gët.

Mä dat Liewen as eppes Liewiges, et wiisst mat eisem Glawen, et bleiwt nüt stoen, et entwéckelt sech. Eist Liewen soll keng Aafkapselung sön, mä eppes, wat fir déi aner op as. Et soll een èmmer berät sön, nei anzefänken, sou wéi d'Operstehung e neien Afank as, en Afank fir d'Eenhät, fir d'Gemeinschaft a fir d'Léift ènnert der Mënschhät.

Ganz oft an alldäglichen Erfahrungen verspire mer d'Präsenz von engem liewige Christus ènnert eis, dän eis séng Fräid a sen Fridde vermittelt. Dës Fräid an dése Fridden solle mer weidergin an déi, déi de Misär, d'Angst, d'Trauer, d'Ongerechtegkät an d'Läd verfolgen. Mer sollen eis opman fir déi aner, si an eiser Fräid deelholle lossen.

Christus as d'Léift. Hee gët Léift. Säin Asaz as grouss. Séng Léift fir d'Mënschen bréngt hän op d'Kräiz.

- D'Léift zu eise Matmënsche soll éierlech sön a nüt den eegene Profit sichen.
- Si soll d'Fräiheit van de Matmënsche respektéieren.
- Si soll hëllefsbereet sön.

Sou Gedanke solle mer eis nüt némmen d'Ouschtere man. D'Operstehung soll kän äusserleche Schäin sön, mä eis däglich innerlich Haltung.